N°8264
Entrée le 24.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, an der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Joëlle Welfring, op d'parlamentaresch Fro n°8264 vum 25. August 2023 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen iwwert "Biocarburants de deuxième génération''**

1. **Wéi vill Prozent vun den haut zu Lëtzebuerg getanktene Biodreifstoffen si vun der éischter Generatioun a wéi vill Prozent vun der Zweeter?**

D'Direktiv 2018/2001/UE gesäit vir, dass Biokraaftstoffer aus der sougenannter éischter Generatioun, déi am Wesentleche fir den Zweck vun der Energieproduktioun op Agrarland ugebaut ginn, maximal 7% vum Endenergieverbrauch am Stroossen- a Schinneverkéier däerfen ausmaachen.

D'Regierung huet schonns am Dezember 2019 iwwert d'Accisegesetz festgehalen, dass den Undeel vun deene Biokraaftstoffer zu Lëtzebuerg net méi wéi 5% däerf ausmaachen a läit also däitlech méi niddereg wéi de maximalen Undeel, dee vun der Direktiv virgesinn ass.

Fir 2022 läit, éischten Estimatiounen no, den Undeel vun de Biokraaftstoffer aus der éischter Generatioun bei ongeféier 4,8%, an dee vun de Biokraaftstoffer aus der zweeter Generatioun bei ongeféier 3,3%, dat op de gesamten Dreifstoffverbrauch gerechent.

2. **Viséiert d'Regierung eng weider Verréngerung vu Biodreifstoffen aus der éischter Generatioun par Rapport zu deenen aus der zweeter Generatioun? Wann jo, wat ass de viséierte Prozentsaz vu Biocarburanten aus der éischter Generatioun?**

3. **Plangt d'Regierung an Zukunft nëmmen nach vu Biokraftstoff aus der zweeter Generatioun Gebrauch ze maachen? Wa jo, wéini?**

Des Froe falen an den Zoustännegkeetsberäich vun der neier Regierung.

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie